Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Feminismus – eng nei Relioun ?

Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

13.03.2017

De leschte Mëttwoch war den internationalen Dag vun de Fraerechter. Puer Deeg virdrunn hat de polneschen Europadeputéierten Janusz Korwin-Mikke zu Stroossbuerg mat fraefeindléche Remarquen op sech opmierksam gemaach. Sinn d'Fraerechter a Gefor? Doriwer puer Iwwerleeunge vum Laurent Schley a sénger Carte blanche mam Titel „Feminismus – eng nei Relioun?"

Heiando héiert ee reaktionär Stëmmen, och zu Lëtzebuerg, déi op eng méi oder och manner subversiv Manéier d'Gläichberechtegung vu Mann a Fra an der Gesellschaft a Fro stellen. Dobei gi bewosst Saache vermëscht: Gender-Theorie, Fraequot, Feminismus… De Feminismus gett diskreditéiert, andeems en als reliéis Ideologie dohigestallt gett.

An Zäiten, an deene "fake news" an "alternativ Fakten" Tromp sinn, wier et sënnvoll sech nees op d'Etymologie, also op den urspréngleche an eigentleche Sënn vun de Wierder ze besënnen.

D'"Gender-Theorie" oder "théorie du genre" geet zréck op de laténgesche Begrëff "Genus" , deen als éischt Bedeitung "Kategorie, Typ oder Aart", a réischt als zweet Bedeitung "Geschlecht" huet. Nodeems den Term fir d'Éischt um Enn vum 19. Jorhonnert gebraucht gouf, entfaalt sech d'Konzept vun den "études du genre" an de 50er Joren am psychiatreschen a medezinesche Milieu. Ab de 70er gouf de Begrëff "Genre" dann heefeg vu Feministinne gebraucht, fir ze beweisen, datt d'Ongläichheeten tëscht Männer a Fraen éischter op sozial, kulturell an ökonomesch Facteuren zréckzeféire sinn wi op biologesch Differenzen.

Wubäi mer da beim Feminismus wieren. Wee Feminismus als Relioun bezeechent, ignoréiert bewosst, dass 1. de Feminismus eng Beweegung ass bei där et ëm d'Gläichberechtegung vu Mann a Fra geet, di op d'Emanzipatioun vun der Fra ziilt, op hir Gläichstellung mam Mann an der Gesellschaft, an ignoréiert 2. dass op där anerer Säit d'Reliounen, virun allem di monothéistesch, sech nierwt dem Glawen un een iwwernatierlecht – a wuel männlecht – Wiesen duerch eng jorhonnertelaang Ënnerdréckung an Diskriminéierung vun der Fra auszeechnen, zum Deel och nach haut. Et muss een also feststellen, datt di zwee Begrëffer Feminismus a Relioun net méi widderspréchlech kéinte sinn.

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Feminismus ass keen Interesseveräin vu frustréierten, psycho-sexuell gestéierten oder frigide Fraen. Et ass eng humanistesch an opkläreresch politesch Bewegung vu Fraen a Männer, déi reell Ongerechtegkeeten an der Gesellschaft wëlle verschwannen dinn.

Dass déi Stëmmen, di d'Gläichstellung vu Mann a Fra a Fro stellen, aus dem monotheistesch-reliéise Milieu kommen oder deem politesch staark verbonne sinn, ass net verwonnerlech. An genau dat weist, dass ee muss oppassen, dass déi gesellschaftlech Errungenschaften a Westeuropa, di géint den erbatterte Widderstand vun de Reliounen an hiere politeschen Acolyten erkämpft goufen, elo net nees vu deenen an d'Viséier geholl ginn. Et heescht deemno vigilent bleiwen.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu

Mitglied *International Humanist and Ethical* Union (IHEU)
Mitglied *European Humanist Federation* (EHF)
Mitglied *Alliance for a Secular Europe*
Mitglied *Cercle de Coopération des Associations laïque*s (CCAL)

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg

www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu